N°3101
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Här Xavier Bettel, a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Här Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°3101 vum 24. Oktober 2025 vun dem honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

**1. Wäert LUKOIL zu Lëtzebuerg weiderhin dierfen seng Aktivitéiten ausüben?**

Prinzipiell viséieren d'US-Sanktiounen haaptsächlech Proprietéite vun Lukoil/Rosneft déi an den USA lokaliséiert sinn oder déi vun US Persounen kontrolléiert ginn. Domadder sinn se net direkt an der Europäesch Unioun applikabel, mee och ouni direkt rechtsverbindlech Wierkung kënnen d'US-Sanktioune fir eng EU-Filial vun Lukoil oder Rosneft substanziell Konsequenze mat sech bréngen, zum Beispill wann d'Entreprise op den US-Dollar oder den amerikanesche Bankesystem ugewise bleift.

**2. Wéi reagéiert Lëtzebuerg, national souwéi europäesch, op d'US-Sanktiounen?**

D'Europäesch Unioun schafft enk mat hiren internationalen Partner zesummen am Beräich vun de Sanktiounen, setzt awer autonom hir eege restriktiv Moossnamen fest.

Lëtzebuerg, den 20. November 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel